Reçue le 28.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, et de Monsieur le ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, Claude Meisch, à la question parlementaire n°5615 du 28 janvier 2022 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet des brevets déposés au Luxembourg

D'Zuelen zu de Patentumeldungen, déi den éierbaren Deputéierten a senger parlamentarescher Fro thematiséiert, ware schonn de Sujet vun der parlamentarescher Fro Nr. 3898 vum 22. Mäerz 2021 vun den Deputéierten Dan Biancalana a Mars Di Bartolomeo, déi den 22. Abrëll 2021 vum Wirtschaftsminister ausféierlech beäntwert gouf.

Dat europäescht Patentamt publizéiert all Joer Mëtt Mäerz d'Statistike mat den Zuele vum Joer virdrun, deemno sinn déi gefroten Donnéeë vun 2021 den Ament nach net disponibel.

D'Regierung féiert déi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3898 beschriwwe Sensibilisatioun bei de Betriber an de Fuerschungsinstituter weider.

An deem Kontext ass et och wichteg drun ze erënneren, datt déi finanziell Bäihëllefe fir de Schutz vun der Propriété intellectuelle zu Gonschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber, och op Wonsch vu Lëtzebuerg, verlängert goufen. Dës Hëllef gouf vum Office de l'Union européenne pour la propriété intellectuelle agefouert. Et handelt sech hei ëm en europäesche Fong mat engem Budget vun 30 Milliounen Euro. Entreprisen, déi dat froen, kënnen duerch dat Instrument eng finanziell Ënnerstëtzung kréien. Esou kann ee klengen oder mëttlere Betrib zum Beispill bis zu 75% vun de Fraise rembourséiert kréie wann en eng Mark rechtlech schütze léisst, a 50% vun de Fraise wann en e Brevet deponéiert.

Dës Méiglechkeet vun der Ënnerstëtzung fir Kleng- a Mëttelbetriber gëtt vum Wirtschaftsministère bei de Betriber promovéiert.

Luxembourg, le 28/02/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot